
Commune de Saeul
Sëller Gemeng

# Um Fouss vum Ditzebierg



1.2018



Déi berodend Kommissiounen

Demokratie, Consultatioun vun de Bierger, participativ Demokratie, Biergerbedeelegung, Basisdemokratie, dat sinn elauter Begrëffer, iwwerstrapazéiert Wierder, déi eigentlech näischt méi aussoen, an déi een iwwerall an néierens kann asetzen a gebrauchen.

Natierlech lieft d'Demokratie vun der Biergerbedeelegung, déi an dëser idealistescher Visioun eiser Gesellschaft hëlleft, eng Gemeinschaft vu fräien an autonome Mënschen ze formen.

Wann een sech awer ville fräie Bierger hiert Behuelen an de sougenannte soziale Medien, wéi zum Beispill Facebook, ukuckt, oder hir Kommentaren iwwert dës an déi Noriichten an deenen engen oder deenen anere Medie liest, da kann een sech scho Froen iwwert dat « Biergerengagement » stellen.

Déi Medien, awer och gewësse politesch Stréimungen, leeën et drop un, fir iwwerflächlech an oniwwerluechte Reaktiounen ze provozéieren, an domat éischter Ueleg op d'Feier vun der mënschlecher Dommheet ze schédden, amplaz d'Leit fir en éierlecht Engagement an der Gesellschaft ze begeeschteren. Et ass esou einfach alles schlecht ze maachen, ofzewäerten, d'Leit unzegräifen an ze beleidegen, natierlech ëmmer hannert dem Anonymat vum Internet verstoppt.

Mir waren dofir iwwerrascht, datt esou vill Leit sech gemellt hunn, fir an eise Kommissioune matzeschaffen. Et hu sech 16 Leit ageschriwwen, 16 Fraen a Männer, déi bereet sinn sech Zäit ze huelen, fir an d'Versammlungen ze kommen, sech mat anere Bierger un en Dësch ze setzen, fir ze diskutéieren, hir Iddien auszetauschen, fir Recht oder och emol Onrecht ze kréien, fir Konzessiounen ze maachen, a fir eventuell duerch Kompromësser zu enger Eenegung ze kommen. Dat alles mam Wëllen, eis Kommunautéit erëm e Schrack weiderzebréngen.

D'Sujete vun dëse verschidden Ateliere soe vill aus iwwert d'Suerge vun eise Matbierger. D'Problemer am Zesummenhang mat enger verréckter Verkéierssituatioun, déi amgaang ass eist Duerfliewe futtizemaachen. Eng beschiedegt Ëmwelt, déi mer erëm mussen an d'Gläichgewiicht kréien. E sozialen Zesummenhalt, deen zerbréckelt an dee mer erëm mussen nei beliewen.

Mir si meilewäit ewech vun deem « Engagement », dat déi sinister Witzbolden an de soziale Medien ubidden.

E grousse Merci un all eis Matbierger, déi sech wierklech engagéieren.

Raoul Clausse
Buergermeeschter

Les Commissions consultatives

Démocratie, participation citoyenne, consultation du citoyen, démocratie participative, "Biergerbedeelegung", "Basisdemokratie"!

Voilà autant de slogans, des mots galvaudés, qui disent tout et n'importe quoi, qui représente le pire et le meilleur! Des termes utilisés à tort et à travers et servis à toutes les sauces politiques.

Oui, la démocratie repose bien évidemment sur la participation du citoyen qui dans cette vision idéale de notre société aide à organiser la Cité - la polis, cette communauté d'hommes libres et autonomes.

Mais, si on observe ce citoyen autonome dans l'expression de sa liberté dans les réseaux sociaux par exemple - Facebook - ou dans les commentaires qui suivent la parution de nouvelles, de certaines nouvelles, dans les médias, ou dans certains médias, on peut avoir des doutes sur la valeur de cet "engagement citoyen". D'ailleurs ces médias, mais aussi certaines tendances politiques ne font-ils pas tout pour provoquer ces réactions "à chaud" épidermiques qui disent plutôt la bêtise humaine que la volonté de participer à la vie de la communauté. Oui, il est facile de dire du mal, de dénigrer, d'insulter même, caché derrière l'anonymat du Web.

Nous avons été d'autant plus surpris par le nombre, important, de nos concitoyens qui ont dit leur volonté de s'engager dans nos différentes commissions consultatives. 16 personnes se sont inscrites. 16 personnes qui sont donc d'accord pour sacrifier leur temps, pour se déplacer dans des réunions, , se mettre autour d'une table avec d'autres, pour discuter, confronter leurs idées à celles d'autrui, pour parfois avoir raison, parfois tort, pour faire des concessions et aboutir, peut-être, à un compromis, un consensus. Mais toujours avec la volonté d'aider à faire avancer notre communauté.

Et les sujets de ces différents ateliers aussi en disent long sur les soucis de nos concitoyens. Les problèmes liés à une circulation qui devient folie et détruit la vie de nos villages. Un environnement perturbé que l'on se sent obligé d'aider à survivre. Une cohésion sociale qui s'effrite et qu'on veut revigorer.

Nous sommes à mille lieues de la "bataille" que de sinistres farceurs livrent sur les réseaux sociaux. Merci à ces 16 concitoyens et à leur véritable engagement.

Raoul Clausse
Bourgmestre



*Foto: Stéphane Olivier*

## Conseil communal du 06 décembre 2017



presentéiert vum Joël KIEFFER, Gemengeredakter

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean Konsbrück, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

### 1. Tableau de préséance du conseil communal

Conformément à la loi communale, le tableau de préséance est formé selon l'ordre d'ancienneté de service des conseillers communaux :


| Rang | Nom et prénom Nom | Fonction | 1ère élection | Suffrages obtenus |
|---|---|---|---|---|
| 1 | GENGLER Edmond | échevin | 11.10.1987 | proclamé élu art. 169 loi électorale |
| 2 | ZOLLER Gérard | conseiller | 10.10.1993 | proclamé élu art. 169 loi électorale |
| 3 | CLAUSSE Raoul | bourgmestre | 09.10.2005 | 237 voix |
| 4 | FISCH Marc | conseiller | 09.10.2005 | 156 voix |
| 5 | KONSBRUCK Jean | échevin | 01.05.2016 | 118 voix |
| 6 | MOUSEL Jean-Paul | conseiller | 08.10.2017 | 193 voix |
| 7 | KAUFMANN John | conseiller | 08.10.2017 | 183 voix |

### 2. « Reider » (tableau d'affichage) officiel de la Commune

Le nouveau tableau d'affichage (« Reider ») situé près de la mairie (coin rue Principale/rue du Cimetière) est désigné unanimement comme tableau d'affichage officiel de la Commune de Saeul.

### 3. Blason officiel de la Commune

Le conseil communal retient à l'unanimité des voix le blason ci-dessous comme blason officiel de la Commune de Saeul :



### 4. Nomination des délégués communaux

Le nouveau conseil communal est appelé à désigner les délégués communaux dans les différents syndicats intercommunaux et autres associations. Les nominations ont été effectuées par scrutin secret.

| Affiliations de la Commune de SAEUL (statut/cible) | Postes | Représentants période 2017-2023 |
|---|---|---|
| S.I . de Réidener Kanton | 1 délégué | Raoul Clausse |
| S.I . Réidener Schwemm | 1 délégué | Raoul Clausse |
| S.I. École de Musique du Canton de Redange | 1 délégué | Jean Konsbruck |

| | | |
|---|---|---|
| SIDEC (S.I. - gestion des déchets) | 1 délégué | Jean Konsbruck |
| SIDERO (S.I. - dépollution des eaux résiduaires de l'Ouest) | 1 délégué | Raoul Clausse |
| SICONA (S.I. - conservation de la nature) | 1 délégué | Jean Konsbruck |
| SIGI (S.I. - gestion informatique) | délégués de circonscription | CC : pas de proposition |
| SYVICOL (S.I. - défense intérêts généraux Villes et Communes) | 1 délégué régional (Réidener Kanton) | CC : proposition de candidat - Raoul Clausse |
| SEBES (S.I. - renforcement alimentation eau potable) | délégués régionaux de la DEA | CC : pas de proposition |
| Hôpital Intercommunal de Steinfort (S.I. - maison des soins, centre psycho-gériatrique) | 1 délégué | Edmond Gengler |
| DEA (S.I. - distribution d'eau potable et approvisionnement) | 1 délégué | Jean-Paul Mousel |
| LEADER Atert-Wark (Groupe d'action locale - développement de l'économie rural) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | John Kaufmann (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Office Régional du Tourisme GUTTLAND (Asbl. - promotion touristique) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | Raoul Clausse (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Club Senior Atertdall<br>(Asbl. - activités personnes âgées) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | Jean-Paul Mousel (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Kanner- a Jugendbetreiung Atert (Asbl. - encadrement périscolaire p.ex. : Sport-Krees Atert, Crèche A Butzen) | 1 délégué | Raoul Clausse |
| Transports publics (Entité publique - Communication de l'organisation des transports publics) | 1 délégué | Edmond Gengler |
| La sécurité routière (Asbl. - protection usagers de la route & prévention accidents) | 1 délégué | Raoul Clausse |

### 5. Congé politique

La répartition du supplément de congé politique est fixée à l'unanimité des voix comme suit :

| | |
|---|---|
| M. Jean KONSBRUCK | 5 heures/semaine |
| M. John KAUFMANN | 2 heures/semaine |
| M. Edmond GENGLER | 1 heure/semaine |
| M. Jean-Paul MOUSEL | 1 heure/semaine |

### 6. Repas sur roues – Tarif

Une légère adaptation du tarif de 0,30 € est votée unanimement. A partir du 1er janvier 2018, le nouveau tarif d'un repas sur roues sera de 13,30€.

## Séance du conseil communal du 21 décembre 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, échevins.
Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel et Gérard Zoller, conseillers.
Joé Wolff, secrétaire communal ff.

### 1. Déclaration du collège des bourgmestre et échevins

Le bourgmestre présente la déclaration du collège des bourgmestre et échevins qui reflètent le programme que le collège échevinal voudrait réaliser lors de la période législative 2017- 2023. Ce document n'est ni officiel, ni obligatoire et peut à tout moment être modifié ou complété. Il renseigne sommairement sur tous les travaux et aménagements qui seront effectués au cours des six prochaines années.
Le conseil communal prend connaissance de cette déclaration qui n'est non plus sujette au vote.

### 2. Titres de recette

Les titres de recette de l'année 2017 sont signés par tous.

### 3.Finances communales :

a) Budget rectifié 2017 - Présentation et vote
Le budget rectifié 2017 est approuvé à l'unanimité des voix.
b) Budget initial 2018 - Présentation et vote
Le budget de l'année à venir est présenté et discuté au sein du conseil communal. Après l'intervention de quelques conseillers, le budget est approuvé majoritairement avec cinq voix contre deux.

| | Montants approuvés par le ministère de l'Intérieur | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes<br>Total des dépenses | 2.939.078,24 €<br>2.776.001,83 € | 1.235.150,00 €<br>2.279.114,75 € |
| Boni/Mali propre à l'exercice | 163.076,41 € | -1.043.964,75 € |
| Boni présumé fin 2017 | 858 912,37 € | 29.506,67 € |
| Boni général / Mali général | 1.021.988,78 € | -1.014.458,08 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | -1.014.458,08 € | +1.014.458,08 € |
| Boni définitif | 7.530,70 € | |

**4. Règlement d'ordre intérieur**

La loi communale prévoit que le conseil communal se donne un règlement d'ordre intérieur qui arrête la façon dont il exerce ses attributions, compte tenu des dispositions légales. Ce même règlement peut également arrêter la composition, le fonctionnement et les attributions des commissions consultatives.
Le règlement y relatif est approuvé par l'ensemble du conseil communal.

**5. OSCARE : Budgets rectifié 2017 et initial 2018**

Le conseil communal approuve unanimement les deux propositions de budget (rectifié 2017 et initial 2018) de l'Office Social du Canton de Redange.

**6. Primes à allouer aux résidents**

Dans le cadre du pacte climat et du programme « Komm spuer mat », les primes allouées aux résidents de la commune de Saeul pour l'acquisition d'appareils électroménagers à haute performance énergétique sont arrêtées unanimement comme suit :

| | |
|---|---|
| Sèche-linge | Classe A+++ (100€) |
| Machine à vaisselle | Classe A+++ (100€) |
| Réfrigérateur, congélateur ou appareil combiné | Classe A+++ (100€) |
| Machines à laver (linge) | Classe A+++ (100€) |
| Équilibrage hydraulique y compris pompes de circulation classe A | Classe A (300€) |

**7. Remembrement forestier**

Deux conventions concernant l'acquisition de plusieurs parcelles forestières situées aux lieux-dits « Unter der Schock », « Unter Hamm » et « Am Dall » sont ratifiées par tous les membres du conseil.

**8. Youth 4 Work**

La convention pour les années 2018-2021 avec l'Asbl Youth 4 Work est ratifiée sans observation quelconque.

**9. Action « Epargne scolaire »**

Le conseil communal décide majoritairement avec 5 voix contre 2 de participer à l'action « Epargne scolaire » de la BCEE, à raison de 50€ par élève inscrit au cycle 2.1 de l'enseignement fondamentale de Saeul.

**10. Compromis de vente**

Un compromis de vente entre le collège échevinal et Mme Maddy Wickler concernant une place appartenant à la commune et sise au lieu-dit « Am Gaart » à Saeul, est approuvé à l'unanimité des voix.

## Séance à huis clos

**11. Administration - Indemnité spéciale**

Le sieur Joé WOLFF effectue quotidiennement le travail du secrétaire communal, mais n'est pas classé dans la carrière de ce dernier en raison du régime d'avancement du secteur public (classification comme secrétaire communal définitif pas possible en début de carrière). Suite à la réforme des traitements dans le secteur communal, les secrétaires communaux touchent une prime de 20 points indiciaires à la place du grade 13bis.
Une demande sollicitant une indemnité spéciale de 20 points indiciaires à partir du 1er septembre 2017 et pour une durée limitée, montant équivalent à la prime des secrétaires communaux en fonction, est approuvée à l'unanimité des voix.





## Séance du conseil communal du 31 janvier 2018

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, échevins.
John Kaufmann, Jean-Paul Mousel et, conseillers.
Joé Wolff, secrétaire communal ff.

**Excusés:** Marc Fisch, Gérard Zoller, conseillers.

### 1. Convention PAP « Kräizwiss » Calmus

La convention d'exécution signée entre le collège échevinal et le maître d'ouvrage du PAP « Kräizswiss » à Calmus est ratifiée unanimement par le conseil communal.

### 2. Nouvelle rue à Ehner

Le PAP « Haaptstrooss » à Ehner est en cours d'exécution. Sur décision unanime du conseil, la « nouvelle rue » sera dénommée « Place Pierre Krier ».

### 3. Plan pluriannuel financier 2018 (PPF)

Le PPF contenant les chiffres du budget 2018 ainsi que les prévisions 2019 à 2021, est présenté au conseil communal.

### 4. Indemnités et jetons de présence

a) Les montants des indemnités du collège des bourgmestre et échevins sont fixés à 66,00€/mois, indice 100 pour le bourgmestre et à 33,00€/mois, indice 100 pour chaque échevin.
b) Le montant du jeton de présence des conseillers communaux est fixé à 12,69€/séance, indice 100.
c) Les jetons de présence des membres des commissions communales sont fixés à 25,00€/séance. Chaque président touchera ce montant 1,5x et chaque secrétaire 2x.
Les trois points sont votés à l'unanimité des voix.

### 5. Cimetière forestier - Décision de principe

Le principe de vouloir aménager un cimetière forestier sur le territoire de la commune de Saeul est accueilli favorablement par tous. Cette décision permettra d'entamer les premières démarches administratives.

### 6. Demande d'adhésion à la FEDAS

La Fédération des acteurs du secteur social (FEDAS) a vu le jour suite à la fusion de l'Entente des centres d'accueil (EGCA) avec l'Entente des Foyers de Jour (EFJ). La commune de Saeul, en tant qu'ancien membre de l'EFJ, voudrait adhérer à cette nouvelle fédération. Le conseil communal y marque unanimement son accord.

### 7. Vente de terrains - compromis de vente

Un compromis de vente signé entre le collège échevinal et la société JMS Promotions Sàrl, concernant la vente de deux parcelles situées au lieu-dit « Haaptstrooss » à Schwebach, contenance totale de 7,13 ares, moyennant le prix de 50.000€/are, est ratifiée par tout le conseil communal.

### 8. Commission consultative « Biergeratelier »

Vu le nombre restreint de candidatures (4x) au lieu des cinq requis par le règlement d'ordre intérieur, le conseil communal décide de ne pas instaurer de « Biergeratelier ».

### 9. Commission scolaire

| Prénom & Nom | Fonction commission |
|---|---|
| Raoul Clausse | président d'office |
| Fabienne Donven-Lohr | membre, représentant des parents d'élèves |
| Cindy Hary | membre, représentant des parents d'élèves |
| Anna Mergen | membre, représentant du personnel enseignant |
| Renée Santer | membre, représentant du personnel enseignant |
| Edmond Gengler | membre |
| John Kaufmann | membre |
| Simone Tobes | membre |
| Blanche Wirth-Wilmes | membre |
| Joé Wolff | Secrétaire |

### 10. Pacte climat : « Sëller Klimateam »

Un nombre important de candidatures a été recueilli pour le « Klimateam ». Le conseil communal décide toutefois de nommer tous les candidats. En vue d'un bon fonctionnement, les membres seront répartis dans plusieurs groupes de travail.
Ci-dessous la composition :

| Prénom & Nom | Localité |
|---|---|
| Cindy HARY | Saeul |
| Magali MICHE | Calmus |
| Blanche SCHIRTZ | Saeul |
| Torsten SCHOCKMEL | Saeul |
| Miranda WELTER | Kapweiler |
| Fabienne LOHR ép. DONVEN | Saeul |

| | |
|---|---|
| Denise MARX ép. BOONS | Saeul |
| Betty HOFFMANN ép. SCHMIT | Saeul |
| Brigitte BARTHELMY | Saeul |
| Caroline SCHMIT (conseillère climat) | |
| Raoul CLAUSSE (représentant CBE) | Saeul |
| Erica BUCARI (Service technique) | |
| Renée BERENS | Saeul |
| Claude WILTGEN | Schwebach |
| Corinne WAGNER | Saeul |
| Jean-Mathias ROLLER | Saeul |
| Jean-Paul MOUSEL | Calmus |
| John KAUFMANN | Saeul |

### 11. Règlement temporaire de circulation

Un règlement temporaire de circulation émis par le collège échevinal en date du 25 janvier 2018 et concernant la réglementation du chantier au « Bréckewee » à Schwebach, est confirmé à l'unanimité des voix par le conseil communal.

### 12. Congé politique

Les heures supplémentaires du congé politique (cf. séance 6.12.17) sont rectifiées unanimement et conformément au règlement grand-ducal comme suit :

M. Jean KONSBRUCK 5 heures/semaine
M. Edmond GENGLER 2 heure/semaine
M. Jean-Paul MOUSEL 2 heure/semaine

### 13. Rapport des délégués communaux

Chaque délégué rapporte succinctement les activités des différents syndicats intercommunaux ou autres associations (Club Senior, école de musique, Sicona, HIS, Leader & Réidener Kanton).

## Séance à huis clos

### 14. Commission des loyers

Considérant d'aucune candidature n'a été recueillie pour la commission des loyers régionale du canton de Redange, le conseil communal n'est pas à même de pouvoir proposer des candidats.

### 15. Délégué Syvicol

Le conseil communal propose unanimement de confirmer M. Raoul Clausse comme candidat-délégué au sein du comité du Syvicol.

## Séance du conseil communal du 27 février 2018

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre.
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, échevins.
Marc Fisch, Jean-Paul Mousel et Gérard Zoller, conseillers.
Joé Wolff, secrétaire communal ff.

**Excusé :** John Kaufmann, conseiller.

### 1. Monument national - Avis

Le Ministre de la Culture propose de classer comme monument national le site archéologique au lieu-dit « An der Herel » à Saeul.
Le conseil communal est d'avis que seulement une petite partie de la parcelle abrite le site archéologique. La parcelle entière (Ditzebierg) d'une contenance de 2,60 hectares appartient à la commune de Saeul et ne devrait pas être classée en entier étant donné son importance pour la sylviculture communale.

### 2. Prolongation d'une servitude d'interdiction

Dans le cadre des travaux d'élaboration d'un nouveau PAG, la proposition de prolonger d'une année les servitudes interdiction de construction (article 17 de la loi du 28 juillet 2011 sur l'aménagement communal) prononcées par le conseil communal en séance du 22 mars 2017 et concernant des terrains situés à Saeul, numéros cadastraux 728/2343 ; 729/2344 ; 731/2345 et 731/2346, est votée à l'unanimité des voix.

### 3. Job Etudiants 2018

Le conseil décide à l'instar des années précédentes d'engager des étudiants lors des vacances d'été 2018. Priorité sera accordée aux étudiants âgés de 15 ans au 1er juillet 2018. La durée de travail est fixée à deux semaines successives.
Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

## 4. Subsides et subventions

Le conseil communal accorde à l'unanimité des voix les subsides suivants :

a) Associations locales

| | |
|---|---|
| Fraen a Mammen Saeul - CTF Saeul - Sapeurs Pompiers de Saeul - Lucilinburhuc asbl | 620€ |
| Sëller Musek asbl | 4.960€ |
| Chorale Ste Cécile Saeul | 2.120€ |
| Club des Jeunes Saeul, subside ordinaire, Subside extraordinaire pour travaux de rénovation salle | 620€ + 2000€ |

b) Associations diverses

| | |
|---|---|
| Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden asbl - Cercle Apicole Redange/Attert | 250€ |
| Op der Schock asbl - Association Luxembourg Alzheimer - Fédération régionale des corps de sapeurs-pompiers Nord - Ile aux Clowns asbl | 100€ |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 25€ |
| Massendénger Aischdall-Helpert - Ligue médico-sociale - MemoShoah Luxembourg asbl - Fondation Jean Hamilius Junior | 50€ |

c) Subventions de projets sociaux
Le don pour un projet social sera attribué à l'association Soroptimist International Club Mosaïk Réiden pour leur projet du « Meedercherhaus » ainsi que pour l'organisation de l'Urban Trail traditionnel.

## 5. Commission consultative d'intégration

Trois candidats se sont manifestés suite à l'appel de la commune. Le règlement grand-ducal en la matière prévoyant un nombre minimum de 6 membres, le conseil communal est dans l'impossibilité de constituer une telle commission.

## 6. Réseau d'eau potable à Ehner

a) Approbation d'un crédit supplémentaire
Dans le cadre des travaux d'infrastructure du projet d'aménagement particulier « Haaptstrooss » à Ehner, il y a été constaté que la conduite d'eau potable principale se trouve dans un mauvais état. Un renouvellement de la conduite sur ce tronçon s'avère donc indispensable. Un crédit spécial de 65.000€ est approuvé par l'ensemble du conseil.

b) Approbation d'un devis
Le devis concernant les travaux de renouvellement de la conduite d'eau potable principale se chiffre au montant total de 57.745,93 Euros, ttc et trouve l'approbation unanime du conseil.



*Foto: Stéphane Olivier*

## Gemengerotssëtzung vum 6. Dezember 2017

**Et waren do:**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, Schäffen.
Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel a Gérard Zoller, Gemengekonselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

### 1. Präsenztabell vum Gemengerot

Sou wéi d'Gemengegesetz et virgesäit, gëtt dës Tabell no der Alterszougehéieregkeet vun de Gemengeréit opgestallt :


| Rang | Nom et prénom Nom | Fonction | 1ère élection | Suffrages obtenus |
|---|---|---|---|---|
| 1 | GENGLER Edmond | échevin | 11.10.1987 | proclamé élu art. 169 loi électorale |
| 2 | ZOLLER Gérard | conseiller | 10.10.1993 | proclamé élu art. 169 loi électorale |
| 3 | CLAUSSE Raoul | bourgmestre | 09.10.2005 | 237 voix |
| 4 | FISCH Marc | conseiller | 09.10.2005 | 156 voix |
| 5 | KONSBRUCK Jean | échevin | 01.05.2016 | 118 voix |
| 6 | MOUSEL Jean-Paul | conseiller | 08.10.2017 | 193 voix |
| 7 | KAUFMANN John | conseiller | 08.10.2017 | 183 voix |

### 2. Offizielle Reider vun der Gemeng

Den neie Reider niewent der Gemeng (Eck rue Principale/rue du Cimetière) gëtt eestëmmeg als Uschlobriet vun der Gemeng bestëmmt.

### 3. Offizielle Wope vun der Gemeng

De Gemengerot hält de Wopen hei ënnen drënner eestëmmeg als offizielle Wope vun der Gemeng Säll fest :



### 4. Nominatioun vun  de Gemengendelegéierten

Den neie Gemengerot muss seng Delegéiert an deene verschiddene Syndikater an Associatioune bestëmmen. Et ass iwwert déi Nominatioune geheim ofgestëmmt ginn

| Affiliations de la Commune de SAEUL (statut/cible) | Postes | Représentants période 2017-2023 |
|---|---|---|
| S.I . de Réidener Kanton | 1 délégué | Raoul Clausse |
| S.I . Réidener Schwemm | 1 délégué | Raoul Clausse |
| S.I. École de Musique du Canton de Redange | 1 délégué | Jean Konsbruck |
| SIDEC (S.I. - gestion des déchets) | 1 délégué | Jean Konsbruck |





| | | |
|---|---|---|
| SIDERO (S.I. - dépollution des eaux résiduaires de l'Ouest) | 1 délégué | Raoul Clausse |
| SICONA (S.I. - conservation de la nature) | 1 délégué | Jean Konsbruck |
| SIGI (S.I. - gestion informatique) | délégués de circonscription | CC : pas de proposition |
| SYVICOL (S.I. - défense intérêts généraux Villes et Communes) | 1 délégué régional (Réidener Kanton) | CC : proposition de candidat - Raoul Clausse |
| SEBES (S.I. - renforcement alimentation eau potable) | délégués régionaux de la DEA | CC : pas de proposition |
| Hôpital Intercommunal de Steinfort (S.I. - maison des soins, centre psycho-gériatrique) | 1 délégué | Edmond Gengler |
| DEA (S.I. - distribution d'eau potable et approvisionnement) | 1 délégué | Jean-Paul Mousel |
| LEADER Atert-Wark (Groupe d'action locale - développement de l'économie rural) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | John Kaufmann (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Office Régional du Tourisme GUTTLAND (Asbl. - promotion touristique) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | Raoul Clausse (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Club Senior Atertdall<br>(Asbl. - activités personnes âgées) | 1 délégué-principal<br>1 délégué-suppléant | Jean-Paul Mousel (principal)<br>Jean Konsbruck (suppléant) |
| Kanner- a Jugendbetreiung Atert (Asbl. - encadrement périscolaire p.ex. : Sport-Krees Atert, Crèche A Butzen) | 1 délégué | Raoul Clausse |
| Transports publics (Entité publique - Communication de l'organisation des transports publics) | 1 délégué | Edmond Gengler |
| La sécurité routière (Asbl. - protection usagers de la route & prévention accidents) | 1 délégué | Raoul Clausse |

### 5. Congé politique

D'Opdeelung vum zousätzleche Congé politique ass eestëmmeg esou festgeleuecht ginn :

| | |
|---|---|
| Jean KONSBRUCK | 5 Stonnen/Woch |
| John KAUFMANN | 2 Stonnen/Woch |
| Edmond GENGLER | 1 Stonn/Woch |
| Jean-Paul MOUSEL | 1 Stonn/Woch |

### 6. Iessen op Rieder – Tarif

Eng liicht Upassung vun 0,30 € um Tarif gëtt eestëmmeg beschloss. Nom 1. Januar 2018 kascht e Menü op Rieder dann 13,30€.

## Gemengerotssëtzung vum 21. Dezember 2017

**Et waren do:** Raoul Clausse, Buergermeeschter. Edmond Gengler, Jean Konsbrück, Schäffen.
Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel a Gérard Zoller, Gemengekonselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

### 1. Programmvirstellung vum Buergermeeschter an de Schäffen

De Buergermeeschter stellt d'Deklaratioun vum Buergermeeschter a Schäfferot vir. Hei ass dat opgezielt, wat de Schäfferot an der Legislaturperiod 2017-2023 ëmsetze wëllt. Dëst Dokument ass weder offiziell nach obligatoresch, a kann zu all Moment ëmgeännert a vervollstännegt ginn. Et informéiert allgemeng iwwert déi Aarbechten an Amenagementer, déi an deene sechs kommende Jore realiséiert solle ginn. De Gemengerot hëlt dat zur Kenntnis. Et gëtt net driwwer ofgestëmmt.

### 2. Recetten

All Recetté vum Joer 2017 si vun en alleguer ënnerschriwwe ginn.

### 3. Gemengefinanzen :

a) Rektifizéierte Budget 2017 – Virstellung an Ofstëmmung
De rektifizéierte Budget 2017 gëtt eestëmmeg ugeholl.
b)Budget 2018 – Virstellung an Ofstëmmung
De Budget fir dat kommend Joer gëtt virgestallt a kommentéiert. No de Bemierkunge vu verschiddene Konselljeeë gëtt de Budget majoritär mat 5 Stëmme géint 2 ugeholl.

| | Montants approuvés par le ministère de l'Intérieur | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes<br>Total des dépenses | 2.939.078,24 €<br>2.776.001,83 € | 1.235.150,00 €<br>2.279.114,75 € |
| Boni/Mali propre à l'exercice | 163.076,41 € | -1.043.964,75 € |
| Boni présumé fin 2017 | 858 912,37 € | 29.506,67 € |
| Boni général / Mali général | 1.021.988,78 € | -1.014.458,08 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | -1.014.458,08 € | +1.014.458,08 € |
| Boni définitif | 7.530,70 € | |

### 4. Internt Reglement

D'Gemengegesetz gesäit vir, datt de Gemengerot sech en internt Reglement gëtt, dat seng Zouwendungen am gesetzleche Kader festleet. Dëst Reglement kann och d'Zesummesetzung, de Fonctionnement an d'Zouwendunge vun de berodende Kommissioune festleeën.
Dat betreffend Reglement gëtt eestëmmeg vum Konsell ugeholl.

### 5. OSCARE : Rektifizéierte Budget 2017 an éischte Budget 2018

De Gemengerot heescht eestëmmeg déi zwou Propositioune vum Budget (deem rektifizéierte vun 2017 an deem neie vun 2018) vum Office Social vum Réidener Kanton gutt.

### 6. Primme fir d'Awunner aus der Gemeng

Am Kader vum Klimapakt a vum Programm « Komm spuer mat », ginn d'Primme fir d'Awunner aus der Gemeng Säll, beim Uschafe vun elektreschen Haushaltsapparater, déi eng héich energetesch Klass hun, eestëmmeg festgeluecht :

| | |
|---|---|
| Sèche-linge | Classe A+++ (100€) |
| Machine à vaisselle | Classe A+++ (100€) |
| Réfrigérateur, congélateur ou appareil combiné | Classe A+++ (100€) |
| Machines à laver (linge) | Classe A+++ (100€) |
| Équilibrage hydraulique y compris pompes de circulation classe A | Classe A (300€) |

### 7. Remembrement am Bësch

Zwou Konventioune wéinst dem Ukaf vun e puer Bëschparzelle gi vun alle Konselljeeën ënnerzeechent. Dës Parzelle leien : « Unter der Schock », « Unter Hamm » an « Am Dall ».

### 8. Youth 4 Work

D'Konventioun fir d'Joren 2018-2021 mat der Youth 4 Work gëtt ouni weider Kommentaren ënnerschriwwen.

### 9. Aktioun « Schoulspueren »

De Gemengerot beschléisst majoritär, mat 5 géint 2 Stëmmen, fir bei der Aktioun « Schoulspueren » vun der SPUERKEESS matzemaachen. All Kand aus dem Cycle 2.1 vun der Säller Gemeng kritt 50€ op e Spuerbuch gesat.

### 10. Verkafscompromis

De Verkafscompromis tëschent dem Schäfferot an der Madame Maddy Wickler, wéinst enger Plaz « Am Gaart » zu Säll, déi der Gemeng gehéiert, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## Geheimsëtzung

### 11. Administratioun - Spezialentschiedegung

Den Här Joé Wolff mécht all Dag d'Aarbecht vum Gemengesekretär, en ass awer net an deem senger Carrière aklasséiert, well d'Gemengelegislatioun dat net zouléisst (et kann een net méi ufangs Carrière als Gemengesekretär klasséiert ginn). No der Reform vun de Paien am kommunale Secteur, kréien d'Gemengesekretären eng Primm vun 20 Indexpunkten amplaz vum Grad 13bis.

Eng Ufro, fir eng Spezialentschiedegung vun 20 Indexpunkte vum 1. September 2017 un ze kréien, eng Zomm déi der Primm vun de Gemengesekretären entsprécht, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## Gemengerotssëtzung vum 31. Januar 2018

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, Schäffen.
John Kaufmann, Jean-Paul Mousel, Konselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt** : Marc Fisch, Gérard Zoller, Konselljeeën.

## 1. Konventioun PAP « Kräizwiss » Kaalmes

D'Konventioun, déi tëschent dem Schäfferot an dem Bauhär vum PAP « Kräizwiss » zu Kaalmes ënnerschriwwe gi war, ass eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn.

## 2. Eng nei Strooss zu Iener

De PAP « Haaptstrooss » zu Iener gëtt ausgeschafft. De Konsell huet sech eestëmmeg derfir ausgeschwat, déi « nei Strooss » « Plaz Pierre Krier » ze nennen.

## 3. Finanzielle Méijoresplang 2018 (PPF)

De PPF mat de Chiffere vum Budget 2018, grad ewéi d'Previsioune vun 2019 bis 2021, gëtt dem Gemengerot virgestallt.

## 4. Indemnitéiten a Präsenzjetonen

a) D'Héicht vun den Entschiedegunge fir de Buergermeeschter an de Schäfferot gëtt op 66,00€ de Mount, Index 100 fir de Buergermeeschter, an op 33,00€ de Mount, Index 100 fir all Schäffe festgeluecht.
b) D'Héicht vum Präsenzjeton fir d'Gemengekonselljeeë gëtt op 12,69€ pro Sëtzung, Index 100 festgeluecht.
c) D'Héicht vun de Präsenzjetone fir d'Membere vun de Gemengekommissioune gëtt op 25€ pro Sëtzung festgeluecht. All President kritt dee Montant 1,5 Mol, an all Sekretär kritt en 2 Mol.
Déi dräi Punkte ginn eestëmmeg ugeholl.

## 5. Bëschkierfecht - Prinzipiendecisioun

De Prinzip, e Bëschkierfecht um Gebitt vun der Gemeng Säll opzemaachen, gëtt vu jidderengem positiv opgeholl. Déi Decisioun erlaabt et, déi éischt administrativ Schrëtter unzegoen.

## 6. Demande fir an d'FEDAS opgeholl ze ginn

D'« Fédération des acteurs du secteur social » (FEDAS) ass duerch d'Fusioun vun der « Entente des centres d'accueil » (EGCA) mat der « Entente des Foyers de Jour » (EFJ) entstanen. D'Gemeng Säll, als fréiere Member vun der EFJ, wëllt där neier Federatioun bäitrieden. De Gemengerot gëtt eestëmmeg seng Awëllegung derzou.

## 7. Verkaf vun Terrainen – Compromis

E Verkafscompromis tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft JMS Promotions Sàrl, wéinst dem Verkaf vun zwou Parzellen op der « Haaptstrooss » zu Schweebech, gëtt vum Gemengerot ënnerschriwwen. Déi Parzelle sinn zesumme 7,13 Ar grouss, a gi fir 50.000€/Ar verkaaft.

## 8. Kommissioun « Biergeratelier »

Well net genuch Kandidature (4) virleien, laut internt Reglement missten et der 5 sinn, beschléisst de Gemengerot keng Kommissioun « Biergeratelier » opzemaachen.

## 9. Schoulkommissioun

D'Zesummesetzung vun der Schoulkommissioun gëtt eestëmmeg ugeholl :

| Prénom & Nom | Fonction commission |
|---|---|
| Raoul Clausse | président d'office |
| Fabienne Donven-Lohr | membre, représentant des parents d'élèves |
| Cindy Hary | membre, représentant des parents d'élèves |
| Anna Mergen | membre, représentant du personnel enseignant |
| Renée Santer | membre, représentant du personnel enseignant |
| Edmond Gengler | membre |
| John Kaufmann | membre |
| Simone Tobes | membre |
| Blanche Wirth-Wilmes | membre |
| Joé Wolff | Secrétaire |

## 10. Klimapakt: « Säller Klimateam »

Et hu vill Leit hir Kandidatur fir de « Klimateam » gestallt. De Gemengerot beschléisst, all Kandidaturen unzehuelen. Fir e gutt Fonctionnement ze garantéieren, ginn d'Memberen a verschidden Aarbechtsgruppen opgedeelt. Dat gesäit dann esou aus :

| Prénom & Nom | Localité |
|---|---|
| Cindy HARY | Saeul |
| Magali MICHE | Calmus |
| Blanche SCHIRTZ | Saeul |
| Torsten SCHOCKMEL | Saeul |
| Miranda WELTER | Kapweiler |
| Fabienne LOHR ép. DONVEN | Saeul |
| Denise MARX ép. BOONS | Saeul |
| Betty HOFFMANN ép. SCHMIT | Saeul |
| Brigitte BARTHELMY | Saeul |
| Caroline SCHMIT (conseillère climat) | |
| Raoul CLAUSSE (représentant CBE) | Saeul |

| | |
|---|---|
| Erica BUCARI (Service technique) | |
| Renée BERENS | Saeul |
| Claude WILTGEN | Schwebach |
| Corinne WAGNER | Saeul |
| Jean-Mathias ROLLER | Saeul |
| Jean-Paul MOUSEL | Calmus |
| John KAUFMANN | Saeul |

### 11. Zäitweilegt Verkéiersreglement

En zäitweilegt Verkéiersreglement, dat de 25. Januar 2018 vum Schäfferot agefouert gouf, an dat de Chantier am « Bréckewee » zu Schweebech betrëfft, gëtt eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

### 12. Congé politique

Déi zousätzlech Stonne vum Congé politique (Cf. Sëtzung vum 6.12.17) ginn, konform zum groussherzogleche Reglement, eestëmmeg esou ugepasst :

Jean KONSBRUCK 5 Stonnen/Woch
Edmond GENGLER 2 Stonnen/Woch
Jean-Paul MOUSEL 2 Stonnen/Woch

### 13. Rapport vun de Gemengendelegéierten

All Delegéierte mécht säi Rapport iwwert d'Aktivitéite vun deene verschiddenen interkommunale Syndikater, a vun deenen aneren Associatiounen (Club Senior, Musekschoul, Sicona, HIS, Leader & Réidener Kanton).

## Geheimsëtzung

### 14. Loyerskommissioun

Well keng Kandidatur fir déi regional Loyerskommissioun vum Réidener Kanton erakomm ass, kann de Gemengerot och keng Kandidate virschloen.

### 15. Delegéierte fir de Syvicol

De Gemengerot proposéiert eestëmmeg den Här Raoul Clausse als Kandidat an de Comité vum Syvicol ze delegéieren.

## Gemengerotssëtzung vum 27. Februar 2018

**Et waren do:**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Edmond Gengler, Jean Konsbrück, Schäffen.
Marc Fisch, Jean-Paul Mousel a Gérard Zoller, Konselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

**Entschëllegt:** John Kaufmann, Konselljee.

### 1. Nationaalt Monument - Avis

De Kulturministère proposéiert, fir den archäologesche Site « An der Herel » zu Sëll als nationaalt Monument ze klasséieren.
De Gemengerot ass der Meenung, datt nëmmen e klengen Deel vun deem Site dofir a Fro kënnt. Déi ganz Parzell (Ditzebierg), 2,60 Hektar grouss, gehéiert der Gemeng Sëll a sollt net ganz klasséiert ginn, well se fir d'Forstwirtschaft vun der Gemeng wichteg ass.

### 2. Verlängerung vun enger Servitude wéinst Bauverbuet

Am Kader vum Ausschaffe vum neie PAG, hat de Gemengerot a senger Sëtzung vum 22. Mäerz 2017 virgeschlo, fir de Bauverbuet op den Terraine vun der Gemeng Sëll, mat de Kadasternummeren 728/2343 ; 729/2344 ; 731/2345 et 731/2346, ëm ee Joer ze verlängeren. (Artikel 17 vum Gesetz vum 28. Juli 2011 iwwert den Amenagement communal). Dës Propositioun gëtt elo eestëmmeg ugeholl.

### 3. Studentenaarbecht 2018

De Gemengerot beschléisst, sou wéi an deene vergaangene Joren, fir Studenten an der Summervakanz 2018 ze beschäftegen. Fir d'éischt ginn déi ugeholl, déi den 1. Juli 2018 15 Joer al sinn. D'Aarbecht dauert 2 Wochen hannerteneen. Dat gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 4. Subsiden

De Gemengerot verdeelt eestëmmeg déi folgend Subsiden :

a) Lokal Veräiner

| | |
|---|---|
| Fraen a Mammen Saeul - CTF Saeul - Sapeurs Pompiers de Saeul - Lucilinburhuc asbl | 620€ |
| Sëller Musek asbl | 4.960€ |
| Chorale Ste Cécile Saeul | 2.120€ |
| Club des Jeunes Saeul, subside ordinaire, Subside extraordinaire pour travaux de rénovation salle | 620€ + 2000€ |

b) Aner Associatiounen

| | |
|---|---|
| Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden asbl -<br>Cercle Apicole Redange/Attert | 250€ |
| Op der Schock asbl -<br>Association Luxembourg Alzheimer -<br>Fédération régionale des corps de sapeurs-pompiers Nord -<br>Ile aux Clowns asbl | 100€ |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 25€ |
| Massendénger Aischdall-Helpert -<br>Ligue médico-sociale -<br>MemoShoah Luxembourg asbl -<br>Fondation Jean Hamilius Junior | 50€ |

### c) Subsid fir sozial Projeten

En Don fir e soziale Projet geet un d'Associatioun Soroptimist International Club Mosaïk Réiden, fir hire Projet « Meederchershaus » a fir d'Organisatioun vum traditionellen Urban Trail.

### 5. Kommissioun fir d'Integratioun

Nom Opruff vun der Gemeng hunn 3 Kandidate sech gemellt. Dat Groussherzoglecht Reglement duerzou gesäit e Minimum vu 6 Membere vir. Dowéinst kann de Gemengerot keng Kommissioun grënnen.

### 6. Drénkwaassernetz zu Iener

a) Guttheesche vun engem Spezialkredit
Am Kader vun den Infrastrukturaarbechte vum privaten Amenagementsprojet « Haaptstrooss » zu Iener, ass festgestallt ginn, datt déi Haaptwaasserleitung an engem schlechten Zoustand ass. Se muss also onbedingt erneiert ginn. E Spezialkredit vu 65.000€ gëtt eestëmmeg ugeholl.
b) Guttheesche vun engem Devis
Den Devis fir d'Erneierungsaarbechte vun der Haaptwaasserleitung beleeft sech op 57.745,93 Euro ttc, a gëtt eestëmmeg ugeholl.



*Foto: Stéphane Olivier*

# Avis officiels

• Dans sa séance du 14 février 2017 le conseil communal a approuvé le projet d'aménagement particulier « Sëllerlach », concernant des fonds sis à Calmus. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 14 mars 2018, référence 17652/112C et a été publiée le 27 mars 2018.

• Dans sa séance du 28 septembre 2017 le conseil communal a approuvé une modification ponctuelle de la partie graphique du plan d'aménagement général de la localité de Schwebach. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 03 janvier 2018, référence 112/007/2017 et a été publiée le 22 janvier 2018.

• Dans sa séance du 06 décembre 2017 le conseil communal a approuvé une adaptation du prix de vente d'un repas sur roue. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 05 janvier 2018, référence 822/x25d05 et a été publiée le 11 janvier 2018.

• Dans sa séance du 21 décembre 2017 le conseil communal a approuvé le règlement d'ordre intérieur du conseil communal et des commissions consultatives. Cette délibération a été publiée le 16 février 2018.

# Personaléierungen

Bei der Joresofschlossfeier vun der Gemeng goufen ugangs Februar eng Rei Leit geéiert.

D'Valérie Bégué wor während zwou Mandatsperioden (2005 bis 2017) am Säller Gemengerot aktiv, de Guy Grün vu Mee 2016 (Komplementarwalen) bis de 14. November 2017 Konselljee.
D'Maryse Bertemes-Straus wor während 5 Joer an der Säller Schoul zouständeg fir d'Relioun.

Donieft sinn d'Annette Block, d'Michèle Scheitler an de Jemp Schuster als benevole Mataarbechter, esou wéi eis Klimapaktberoderin d'Caroline Schmit, och mat engem klenge Kaddo ausgezeechent ginn.
Zousätzlech kréien déi dräi „Pensionnairen" als offizielle Remerciement 40€ pro Verdéngschtjoer iwwerwisen.

Text: Joël Kieffer / Foto: Charles Reiser



# Den neie Gemengerot

*No de Gemengewale vum 8. Oktober 2017 gouf de 15. November 2017 fir d'éischt am Innenministerium deen neie Schäfferot vum Minister Dan Kersch vereedegt. Duerno, am Laf vum Owend, goufen am Sitzungssall vun der Gemeng déi 4 Konselljeeën och vereedegt.*

*Résultat des élections du 08 octobre 2017*

| Nom prénoms | Suffrages | |
|---|---|---|
| CLAUSSE Raoul | 274 | élu |
| FISCH Marc | 212 | élu |
| ZOLLER Gérard | 205 | élu |
| MOUSEL Jean-Paul | 193 | élu |
| GENGLER Edmond | 189 | élu |
| KAUFMANN John | 183 | élu |
| KONSBRUCK Jean | 170 | élu |
| DONVEN-LOHR Fabienne | 164 | / |













**Kommemoratiounsdag**

**Zwéin Deeg virum offiziellen Dag hu mir sonndes den 8. Oktober 2017 zesummen un d'Affer vum 2. Weltkrich geduecht.**




*Hierschtfest*

*De 15. Oktober gouf et um Hierschtfest, vum Gaart & Heem organiséiert, erëm Wëld z'iessen, mat Paschtéit oder Lasagne als Alternativ. Bei flotter musikalescher Begleedung an engem gudden Dessert ass de Mëtteg gemitterlech ausgeklongen.*





*Dag vum Bam*

*Nom internationalen Dag vum Bam, kruten den 18. Oktober 6 neigebuere Matbewunner vun eiser Gemeng « hire » Bam am "Zaerepesch" gesat.*





*Lëtzebuerger Owend*

*Den 21. Oktober huet d'Séller Musek op de Lëtzebuerger Owend agelueden. Mat traditionellem Kascht a mat flotter Musek vum Ensembel Powerblech, war de ganzen Owend iwwer lëtzebuergesch Stëmmung…*



*Adventsbazar*

*Fir den 1. Adventssonndeg hunn D'Fraen a Mamme fläisseg Adventskränz a vill flott Dekoratiounsartikele gebastelt, a fir de gudden Zweck op hirem Adventsbazar verkaaft.*
*Zwéi Schecke vu jeeweils 2000€ sinn un d'Tricentenaire asbl an un d'Fondation Cancer nodréiglech iwwerreecht ginn.*










*Wanterfest vun de Schoulkanner*

*Den 13. Dezember hunn d'Schoulkanner aus der Gemeng op hirem Wanterfest schéi Lidder gesongen a selwergebastelt Kaarten an Dekoratiouns-Artikele verkaaft.*




*Adventsuucht*

*Um Programm vun der Uucht stoungen de 16. Dezember flott Stécker a Chrëschtlidder vu Museksschüler aus der Séller Gemeng, souwéi dem Jugend- a Chrëschtensembel vun der Séller Musek. Bei där Geleeënheet konnten déi jonk Musikante virun engem opmierksame Publikum hiert Kënne virféieren.*



*Hex a Buergbrennen*

*Den 13. Februar huet d'Séller Jugend op hiert traditionellt Hexbrennen agelueden. Mam Verbrenne vun der Hex ass d'Fuesent fir dëst Joer begruewe ginn. Vis-à-vis vun der décker Eech, am Ausgang vu Séll, ass d'Hex opgeriicht ginn. No enger gudder Stäerkung an enger Kampf-Virféierung vu Lucilinburhuc huet de Buergermeeschter d'Hex ugefaangen.*

*Um 18. Februar ass, als Symbol fir d'Enn vum Wanter, d'Buerg verbrannt ginn. Nodeems samschdes duerch d'ganz Gemeng Material agesammelt gouf, ass sonndes d'Buerg opgeriicht ginn an owes, vun den nei bestuete Koppelen aus der Gemeng, ugefaange ginn.*











*Lët'z Get Loud*

*D'Säller Musek huet den 3. Mäerz op hire « Lët'z Get Loud » agelueden. Ënnert der Direktioun vum Patrick Yves Hengen gouf en ofwiesslungsräiche Concert gebueden. Bei där Geleeënheet goufen traditionell d'Medaile vun der UGDA iwwerreecht.*









*Mëttegiesse Fraen a Mammen*

*De 25. Mäerz hunn d'Fraen a Mammen aus der Gemeng häerzlech op hiert Mëttegiessen agelueden. Et goufe gutt hausgemaachte Menüen, an zum Ofschloss gouf bei engem gudden Dessert an enger Taass Kaffi de Mëtteg ausklénge gelooss.*





SICONA

Naturschutzsyndikat

En 2006 la Commune de Saeul, après des discussions longues et parfois difficiles, a adhéré au SICONA-Centre. Le SICONA est un syndicat intercommunal qui a pour but la protection de la nature et de notre environnement.



Des mesures concrètes, réalisées sur le territoire de notre commune, constituent une part importante du travail fait par le syndicat. Ces tâches comportent entre autres la plantation d’arbres fruitiers, l’entretien de ces plantations, l’entretien d’étangs et de mares, la taille des haies bordant les chemins communaux, la renaturation de cours d’eau, la création de zones humides favorisant certaines espèces rares ou en voie de disparition.

Ainsi des arbres ont été plantés, aussi sur des parcelles appartenant à des particuliers, pour aider la pie-grièche grise (Grousse groen Neimäerder) à trouver des terrains de chasse ou d’habitation. Par ailleurs, des nichoirs spéciaux, une quinzaine en tout, ont été installés pour abriter la chouette chevêche (Steekauz) une espèce menacée qui était sur le point de s’éteindre. Ce programme qui suppose un contrôle et un nettoyage régulier des installations est couronné de succès. Fait rare, plusieurs couples de chouettes se sont installés dans notre commune et se reproduisent régulièrement.



À Ehner, la “Waasserbach” a retrouvé sa liberté originelle sur plus de 300 mètres. Sur demande des agriculteurs exploitant les pâturages de cette belle vallée, le ruisseau a été sorti du carcan de la conduite dans laquelle il était enfermé depuis si longtemps et il peut maintenant s’écouler au grand air.

Un autre aspect important du travail du SICONA est la sensibilisation des gens aux beautés de la nature qui entoure nos villages, mais aussi des dangers qui menacent notre faune et notre flore. Ce travail, pédagogique, s’adresse d’abord aux enfants. Le syndicat, ensemble avec Thierry Hollerich, notre garde forestier, organise des activités ludiques et informatives sur nos champs et nos forêts et leurs différents hôtes. Mais les adultes aussi sont visés. Ainsi le programme “Nature for people” leur propose régulièrement des excursions sur le territoire de notre commune, promenades qui montrent la richesse de notre environnement. Ainsi, le samedi, 11 août tous ceux qui sont intéressés par les oiseaux se donnent rendez-vous à 9h00 près de l’église à Saeul pour observer le phénomène de la migration des oiseaux.



*Waasserbach avant*



*Waasserbach après*





Mais le projet le plus important réalisé par le SICONA dans notre commune est sûrement la renaturation de la “Schwebech” sur un tronçon de plus de 200 mètres, projet réalisé en 2017 et qui sera suivi cette année par la création, sur le même site, de zones humides qui seront vouées à une agriculture extensive.








Ces travaux font partie de mesures de compensation qui ont été nécessaires pour que la commune puisse réaliser différents projets - le déplacement de la conduite de la Sebes, un nouvel atelier communal, un P&R, un lotissement avec une quinzaine d’habitations - sur un terrain de plus ou moins 2 hectares et qui est une zone de vie et de chasse du milan royal. Deux des collaborateurs du SICONA, Yves Schaack et Frank Sowa, nous ont prêté main forte dans les discussions avec le Ministère de l’environnement pour définir ces mesures de compensation qui ont donc été réalisées par les équipes du syndicat.

Pour pouvoir accomplir des missions aussi diverses et aussi complexes, le SICONA s’est doté d’une équipe de spécialistes compétents - biologistes, géographes, agronomes, techniciens, ouvriers spécialisés, conducteurs d’engin. Il est évident qu’une commune “normale”, à moins que ce ne soit la ville de Luxembourg, qu’une commune petite, moyenne ou même grande donc, ne peut s’offrir tous ces collaborateurs-là. Ni d’ailleurs tout l’équipement pour la réalisation de ces nombreuses tâches. L’adhésion à ce syndicat des communes était donc un choix profitable pour la Commune de Saeul, vital pour la nature qui nous entoure!



Deux chantiers communaux sont actuellement en cours d'exécution. Cet ouvrage servira de rétention à la future station d'épuration de Schwebach.

- La construction d'une « petite » station d'épuration à Ehner, ouvrage qui desservira uniquement les habitations de cette localité.





- La construction d'une conduite (bassin) de rétention dans la rue « Bréckewee » à Schwebach. Cet ouvrage servira de rétention à la future station d'épuration de Schwebach.







# Walkampf an der Sëller Schoul !!

Kuerz virun de Gemengewale vum 8. Oktober hunn d'Klasse vum Cycle 3 an Cycle 4 mat hirer Joffer de Projet « Walen » an der Schoul lancéiert. Fir sech iwwert den Oflaf vun de Walen, de Bierger hiren demokratesche Rechter a Flichten, an dat politescht Liewen an der Gemeng ze informéieren, ware Schoulklassen op Besuch beim Buergermeeschter an dem Gemengesekretär. Déi Woch drop, kuerz virum Walsonndeg, huet sech am Sëller Festsall de prakteschen Deel vum Projet ofgespillt. D'Kandidate fir d'Gemengeréit hunn sech an hire Walprogramm virgestallt, d'Schüler sinn am offizielle Walbüro wiele gaangen an no der Auszielung goufen d'Schäffen- & Gemengeréit vum C3 a C4 proklaméiert a vereedegt.

D'Gemeng Sëll seet de Schoulkanner an hirer Joffer Merci fir déi flott Aktioun, déi aktiv Participatioun an déi kreativ Iddien aus de Walprogrammen.

Hei e puer Impressioune vum Oflaf de 5. a 6. Oktober :





*D'Kandidate presentéieren hire Walprogramm a beäntwere Froe vun hire Klassekomeroden.*







*D'Politiker vum C3 (ënnen) a C4 (riets) mat hire Walziedelen*



*No de Walkampfoptrëtter ass den Cycle 4 prett fir de Walbüro*

*Lescht Instruktiounen ier et an d'Walkabinne geet*









*Eis jonk Wieler beim Urnegang*





Ëffentlech Verkënnegung vun de Resultater :
Gratulatioun un den zukünftege Buergermeeschter vum C4, de Louis Furlano, dee mat engem impressionnante Walprogramm Éischtgewielte ginn ass!
De Schäfferot vum C4, mam Buergermeeschter Louis Furlano, der éischter Schäffin Julia Vitali (Zweetgewielt) an dem zweete Schäffe Sam Lhuillier (Drëttgewielten), gëtt vereedegt.
D'Prioritéite vun dësem Schäfferot fir déi nächst Mandatsperiod sinn ënner anerem :

- Biolandwirtschaft ënnerstëtzen
- Méi ëffentlechen Transport duerch Hybridbusser
- Vergréisserung vun der Réidener Schwämm
- Vélospisten an der Gemeng
- Kooperatioun mat Nopeschgemengen
- Regional Liewensmëttel an der Schoul, doduerch kierzer Transportweeër
- Offall méiglechst vermeiden a kompostéieren, duerch manner Verpackungen Ëmwelt schounen
- Uebst- a Geméisgaart fir d'Schoul
- Spillplazen och fir déi grouss Kanner amenagéieren
- Méi sportlech Fräizäitaktivitéiten ubidden
- Bëscher viru Verschmotzung schützen
- Gemeng dekorativ méi lieweg gestalten
- Luetstatioune fir Elektroautoen
- Kaffiststuff fir Jonk an Al
- Spillstroosse mat 30 km/h







Am C3 konnt sech d'Liz Meis (Buergermeeschtesch ; mëtt) no engem staarke Walkampfoptrëtt duerchsetzen, op d'Plazen 2 an 3 koumen d'Lynn Bleser (éischt Schäffin ; lénks) an d'Valérie Duarte Pinto (zweet Schäffin ; riets). Et soll nach ee soen, zu Säll géifen sech net genuch Fraen an der Politik engagéieren.

De Schäfferot vum C3 wëllt sech engagéiere fir :

- Beem, Blummen, eng Klunsch an e Basketskuerf fir de Schoulhaff
- Uschafe vun Elektroautoen ënnerstëtzen
- Radaren an déi kleng Uertschaften
- Nei Bushaisercher
- Méi Asaz vun de PCen an der Schoul
- Sécherheet rondrëm de Schoulsite verbesseren, duerch eng rout Luucht, Ralentisseuren a manner Parkplazen an der Areler Strooss
- Stroosse musse vu jidderengem propper gehale ginn
- Aktivitéiten zesumme mat Schoulklassen aus anere Gemengen
- Spillwiss fir Hënn







De Collin Zoller, d'Anja Conter a den Alessio Iammarino (vu lénks no riets) ginn als Konselljeeën am Gemengerot vum C4 vereedeegt a wäerten d'Aarbecht vum Schäfferot iwwerwaachen. Si schaffen aktiv mat fir:

- Schoulbus soll och duerch Säll fueren a besser Busverbindungen innerhalb vun der Gemeng
- Surveillance duerch de C4 an de Pausen
- Beliichte vun den Zebrasträifen
- Vitesseradar an der Arelestrooss
- E Weesenheem an der Gemeng
- Unleeë vun engem botanesche Gaart an engem Kraidergaart
- Méi Besichtegunge vu Muséeën an Ausstellungen
- Spillplazen an Dierfer, wou nach keng sinn
- Méi Beem a Blummen um Schoulsite
- Ëffentlech Party fir Kanner am Festsall an Ausfluch an e Fräizäitpark

Am C3 komplettéieren d'Cynthia Michel, de Maxim Wies an d'Baya Cizeron (vu lénks no riets) de Gemengerot. Als Konselljeeën wäerte si konstruktiv Oppositiounsaarbecht leeschten an sech ansetze fir :

- Spuersamt Ëmgoe mam Waasser
- Ëmweltfréndlech Elektroautoen
- Méi Vëlospisten an der Regioun
- Méi laang Schoulvakanzen a méi kuerz Schouldeeg
- Foussgängerbrécken als sécher Wee fir op de Schoulsite
- Installéiere vun LED Luuchten
- Gesellschaftsspiller bei schlechtem Wieder
- Schoulkanner bréngen ofwiesselnd Iesse fir déi ganz Klass mat
- Schoulhaff zoumaachen
- Sportplaz am Bësch




# Eng Auszeechnung fir eis Kanner: Den Energieführerschäin !!

*Zënter mëttlerweil 1997 besteet d'Asbl Réidener Energieatelier am Réidener Kanton. Hiren Objektiv ass et, souwuel Privatleit wéi och d'Gemengen, an déi kleng a mëttelstänneg Betriber zu den Themen „Energie spueren" wéi och „erneierbar Energien", ze sensibiliséieren an ze beroden. De sënnvollen Ëmgang mat Energie steet an direktem Zesummenhang mam Ëmwelt- a Klimaschutz.*


*Ëmwelt- a Klimaschutz ass eng Fro vu Generatiounegerechtegkeet, well et virun allem fir eis Kanner ass, woufir mir eis haut mat dësen Themen auserneesetze mussen. A genau ëm eis Kanner geet et hei.*

*Den Energieatelier, a Persoun vum Marc Staus, war am Dezember bei eise Kanner am Cycle 4.1 a 4.2. Zesumme mat der Joffer Isabelle Elsen gouf iwwer 2 Deeg e flotte Cours ofgehalen, bei deem de Kanner d'Thema Energie op spilleresch Aart a Weis méi no bruecht gouf.*

*Nieft engem Deel Theorie, villen Experimenter an enger ofschléissender Visite zu Biekerech um Site vun der Biogasanlag, hu sech d'Kanner d'Auszeechnung zum Energie-Expert nu wierklech verdingt.*

*Hutt och Dir Froen zum Thema Energie spueren oder erneierbar Energien, dann zéckt nit a mellt Iech op der gratis Energie-Infoline um Tel: 26 62 08 01.*








*Baya: Dat war um Wanterfest. Mir hu selwergemaachte Saache verkaaft a Sue gesammelt fir d'Merina.*
*Alexandra: D'Merina ass eist Patekand aus dem Uganda.*

*Hana: Mir bake Kichelcher fir d'Wanterfest. Déi ware mega lecker.*
*Kim: Mir hu se verkaaft a krute Sue fir d'Merina an Afrika.*



*Valérie: Ech bitze grad e Stär aus Filz. Ech hunn eng nei Bitztechnik probéiert.*

*Erika: Dat do ass an der Musekschoul zu Réiden. D'Nadine aus der Musekschoul huet eis vill Instrumenter gewisen a mir hunn op enger Bühn gesongen.*





*Nils: Mir waren an de Bësch an hu Verstoppches gespillt. Ech hunn am Bulli gespillt, dat war schéin.*




Nermin: Mir waren zu Biekerech um Airtramp an hu flott Spiller gemeet. Mir hunn och Fänkches bannen am Airtramp gespillt.



*Louis: Ech baue mam Collin en Zwillingstuerm an eisem Konstruktiounsraum.*

*Pedro: Mir hu mat der Bitzmaschinn Fändele gebitzt. D'Fändelen hu mer an der Maison relais opgehaang – déi sinn déck schéin.*





*Luca: Mir waren um DigiRallye an der Stad. Mir hu geléiert, wéi ee sécher am Internet ënnerwee ass. Et war mega flott.*

*Mirja: Beim „Base One" hu mer eng Auer programméiert. Dat war cool!*





# ERIC CIZERON

## CHEF DE CUISINE À LA "MAISON ROUGE" À SAEUL

Eric Cizeron, marié, deux enfants, réside à Saeul.
C’est ma grand-mère qui m’a fait découvrir la cuisine, découverte vite transformée en véritable passion.

Dans la famille, il y avait un boulanger pâtissier qui travaillait à l’ancienne dans un village avec un vieux four à bois. Durant ma jeunesse je rêvais de remettre en service ce vieux four en m’exerçant sur la plage à faire des pâtés.

Mes parents n’étaient pas du métier, une mère fonctionnaire et mon père ouvrier polyvalent, ainsi ils m’ont mis en garde contre cette vocation aux multiples facettes et aléas : métier ingrat, tu travailleras pendant que les autres s’amusent…
..
Mais rien n’y fait, je voulais toujours être cuisinier. Dès l’âge de 15 ans, j’ai étudié dans une école hôtelière et mon diplôme en poche, j’ai entrepris un petit tour d’Europe chez les plus grands : Sofitel diététique à Quiberon, La Tante Claire à Londres, auprès de Joel Robuchon à Paris, dans un centre de thalassothérapie Serge Blanco dans le Pays basque, quelques semaines à Andorre, en Alsace à l’Auberge de l’Ill, mon service militaire auprès du Ministère des affaires sociales, l’hôtel Les Trois Rois à Bâle, le Grand Hôtel de la Reine, place Stanislas à Nancy et pour finir à Saeul, au restaurant La Maison Rouge de la famille Pütz afin de redécouvrir une ambiance plus familiale.

Avec ces différentes expériences, j'ai pu goûter aux saveurs légères et raffinées avec des modes de vie des fois excentriques (anglais), des chefs de cuisine soucieux de transmettre leur savoir-faire, des clients originaux, ainsi que des lieux remplis d'histoires. Tout ce parcours m'a apporté beaucoup de plaisirs, et la passion m'habite toujours.
Cependant, avec les années qui défilent trop vite, je mesure mon manque de connaissances sur certains pays à visiter, sur la vie en collectivité par le biais de parler la langue et de profiter plus de ma famille. Le temps écoulé ne se rattrape plus, mais l'espoir fait vivre !!!!







# D'Söller



*Zënter enger Zäit schonn ass de Ministère de l'intérieur, zesumme mat de Gemengen, der Protection civile, de Beruffs- an de Fräiwëllege Pomjeeën aus dem Land am Gaang eng Reform vum Rettungswiesen ze plangen. Den CGDIS, Corps grand-ducal d'incendie et de secours, deen aus där Reform ervir soll goen, ass zwar vill diskutéiert ginn, mee fir äis Pompjeeë vun der Gemeng Säll wäert sech awer sécher, am "deegleche Liewen", net all ze vill verännerеn.*




*Sou war et fréier*



# Pompjeeën

*Mir wäerten dat bleiwe wat mer sinn, engersäits eng kleng Mannschaft vu Fräiwëllegen, déi dem Bierger an der Nout hëllefen, anerersäits e Veräin, wéi déi aner Veräiner aus dem Duerf, déi zum Duerfliewen an zum sozialen Zesummenhalt bäidroen.*
*D'Séller Pompjeeë sinn als Corps am Ufank vum 19. Joerhonnert entstan. 2009 hu mer, zesumme mat der Musek, eis 100 Joer gefeiert. De Gesank war dunn awer schonn 150 Joer al.*

*Am Moment ziele mer tëscht 12 a 17 aktiv Memberen, déi mat an den Asaz kënne goen. Natierlech ass dat eng kleng Ekipp, mee mir si jo och eng kleng Gemeng!! De Pompjee vun haut, och de Fräiwëllegen, entsprécht awer och guer net méi deem "klassesche" Bild vum bluddege (Béier-) Amateur. All eis Membere mussen sech a regelméissegen an ustrengende Léiergäng op den Eeschtfall virbereeden. Oft, a glécklecherweis, beschränkt sech den Eeschtfall op eng Uelegspur, déi en Automobilist kéint a Gefor bréngen. Leider ëmmer méi heefeg si bei äis hei zu Séll awer Asäz op Accidenter op eise Stroossen, besonnesch a Richtung Arelerbierg oder Miersch. Do si mir, duerch eis Asazbereetschaft an eist schnellt Reagéieren, oft déi éischt op der Plaz, fir ze hëllefen. Méi rar, zum Gléck, musse mer eraus fir e Brand ze läschen, an awer kënnt dat a regelméissegen Ofstänn vir.*

*Mee mir Pompjeeën droen och eisen Deel bei zum Veräinsliewen an eiser Gemeinschaft, a leeschten esou eise Bäitrag zum sozialen Zesummenhalt an eiser Gemeng. Den traditionelle Fréijoersmaart, dee mer 1983 erëm opliewe gelooss hunn, gehéiert zu deene flotte Momenter vum kulturelle Liewen an eiser Gemeng.*

*Ee Problem deele mer sécher mat all eisen anere Veräiner! D'Suerg ëm den Nowues. Mir sinn ëmmer frou, wann en neie Member bei äis kënnt! Avis aux amateurs, a besonnesch un déi jonk Leit, Meedercher a Jongen aus eiser Gemeng.*
*Laurent Gengler - Kommandant*






*Brand zu Séll 2001*




*Brand zu Iener 2007*







*Autosaccident*



*Camionsaccident an der rue Principale 1997*



*Camionsaccident bei der Gemeng*
*1983*






*Camionsaccident am Arelerbierg*
*2010*



# Kima-News

**Nei Klima-Ekipp**

No de Gemengewalen huet d'Gemeng en Opruff gemaach, fir hir Kommissiounen nei ze besetzen. Den Undrang wor besonnesch beim Klimateam héich, sou dass mer op 18 Membere gewuess sinn.
Well d'Aarbecht an engem grousse Grupp net sou einfach ass, huet d'Gemeng decidéiert, Gruppen ze forméieren, déi op verschidden Theme schaffe wäerten.
Wat fir Themen dat solle sinn, sollen d'Membere selwer decidéieren.
De 7. Mäerz wor eist éischt Treffen am Festsall, an no enger kuerzer Aféierung iwwer de Klimapakt, hunn d'Memberen hir Iddië virgestallt. Déi sinn no Themeberäich klasséiert ginn an et hu sech dräi Gruppe gebilt.
Themeberäicher

**1. Mobilitéit**

Et huet sech ganz séier erausgeschielt, dass de Verkéier an d'Mobilitéit de Memberen an eiser Gemeng ganz uewe leien. Et hu sech 3 Prioritéiten erginn: Aktiv Mobilitéit (Vëlos- & Foussgänger-Weeër) verbesseren, d'Offer vun der Mobilitéit méi attraktiv maachen an den Autosverkéier limitéieren.

| *Grupp 1: Mobilitéit* | |
|---|---|
| *Vëlosweeër* | *Aktiv Mobilitéit* |
| *Nei Beschweeër* | |
| *Besser Ubannung un d'Vëlospisten* | |
| *Sécherheet an & ronderëm de Schoulhaff* | |
| *Zebrasträife-Beliichtung & rout Luuchten* | |
| *Carsharing mat Elektroauto* | *Offer vun der Mobilitéit* |
| *Navetten duerch d'Gemeng organiséieren (Bsp. Kaalmes-Séll net vill Verbindungen, dowéinst Auto)* | |
| *Car-Pooling fir d'Bierger aus der Gemeng organiséieren (Bsp. Carpoolplaza.be)* | |
| *Den Tram bis op Wolz duerch d'Loft – iwwer Bierg an Dall riichtaus* | |
| *Vitess-Kontrollen an der Entrée vun den Dierfer* | *Autosverkéier* |
| *Feinstaubmiessungen* | |
| *Sensibiliséierung vun den Autosfuerer d'Rou ze respektéieren* | |
| *E globaalt Konzept fir den Trafic* | |
| *Verkéier manner néideg maachen* | |

**2. Energie**

Eng nohalteg Energieversuergung ass als zweet Prioritéit definéiert ginn. Hei soll, souwuel d'Energieversuergung vun de kommunale Gebaier, wéi och déi vun der ganzer Gemeng op de Leescht geholl ginn. D'Gemeng Säll huet sech an hirer Klima-Charta virgeholl, fir hir Gemengegebaier bis 2020 zu 100% mat erneierbaren Energien ze versuergen. Den Deckungsgrad mat lokalem an erneierbarem Stroum um ganze Gemengegebitt soll bis 2020 op 18% eropklammen, an dee mat erneierbarer Wäermt op 35%.
Wéi d'Ëmsetzung heivunner kann ausgesinn, gëtt an dësem 2. Aarbechtsgrupp analyséiert an diskutéiert.

| *Grupp 2: Energie* | |
|---|---|
| *Zentral-Heizung mat Biomass / Holz a Solarzellen am Schoulkomplex* | *Energie-Versuergung & Klima an de kommunale Gebaier* |
| *Zesummeleeë vun Heizungen* | |
| *Bessert Klima an der Maison relais (vill ze waarm am Summer)* | |
| *Förderung vu Solarenergie* | *Förderung vun den erneierbaren Energien* |
| *Energiespäicher Projet* | *Innovativ Projeten & zukënfteg Trends* |
| *Holzverbrauch an der Zukunft?* | |
| *Wandenergie an eiser Gemeng* | *Wandenergie* |
| *Wandmillen optimal notzen, respektiv un aner Netzer uschléissen* | |

**3. Nohalteg Wirtschaften**

An der drëtter Grupp si verschidden Themen zesummegefaasst ginn, di nohalteg Liewensmëttel-Produktioun, d'Kommunikatioun mat de Bierger a Veräiner, an den Offall

| *Grupp 3: Nohalteg Wirtschaften* | | |
|---|---|---|
| *Nohalteg Liewensmëttel-Produktioun* | *Zesummeliewen & Kommunikatioun* | *Offall* |
| *Ressourcë schounen* | *Internet-Plattform fir d'Bierger aus der Gemeng* | *Propretéit an der Gemeng (Knascht oprafen)* |
| *Gemenge Geméis- & Uebstgaart Lokal kommunal Gäert fir Uebst a Geméis ze kultivéieren* | *Team-Work tëschent de Veräiner* | *Gréng Dreckskëscht aféieren* |
| *Déireschutz* | *Oppe Websäit mat Kommentarfunktioun fir d'Bierger* | *Al Glas- & Kleedercontainer* |
| *Ëmstellung vun de Baueren op bio a vegan Liewensmëttel* | *Oppene Think Tank „Zesumme liewen"* | *Mülltrennung an der Schoul* |
| *Lokalen Handel & Verbrauch* | | |
| *Insektefréndlech Beplanzung an der Gemeng* | | |
| *Sozial Integratioun duerch Gemenge-Gäert: All Bierger ka matmaachen a sech zerwéieren* | | |

Ee Beitrag wor och, dass iwwerall Energie drastécht: am Iessen, an allem wat mir kafen, virun allem an der motoriséierter Mobilitéit. Wann all Mënsch bei sech ufänkt a säi Konsum op dat beschränkt wat néideg ass, si mer schonn e gudde Schratt weiderkomm!

**Memberen**

D'Membere vum Klimateam sinn: Betty Hoffmann, Blanche Schirtz, Brigitte Barthelmy, Cindy Hary, Claude Wiltgen, Corinne Wagner, Fabienne Donven, Jean-Mathias Roller, Jean-Paul Mousel, John Kaufmann, Magali Miche, Miranda Welter, Renée Berens an Torsten Schockmel.
De Raoul Clausse (Buergermeeschter) an d'Erica Bucari (Service technique vun der Gemeng) representéieren d'Gemeng an d'Caroline Schmit, Klimaberoderin vun den 10 Gemenge vum Réidener Kanton, encadréiert d'Versammlungen.
Mir freeën eis op eng flott Zesummenaarbecht a soen elo schonn all de Memberen e grousse MERCI fir hiert Engagement.

**Mat Genoss duerch de Wëlle Westen – De kulinaresche Vëlostour am Atertdall**




Sonndes, de 17. Juni 2018, gëtt di 2. Editioun vum kulinaresche Vëlostour vum Syndikat Réidener Kanton am Wëlle Westen organiséiert.

Den Tour geet dës Kéier och duerch d'Säller Gemeng, an zwar um gespaarten CR tëschent Schweech a Säll. 2 Circuite ginn ugebueden: 29 Kilometer a 46 Kilometer. Ënnerwee op deene verschiddene Statioune kritt Dir e ganze Menü aus regionalen a biologesche Produkter zerwéiert.

D'Umeldunge lafe geschwënn un! Mir géingen eis freeën Iech op deem Tour derbäizehunn.





# Le meilleur chauffage pour moi...

- **L'ancienne chaudière rend l'âme et j'ai besoin d'une nouvelle.**
- **J'aimerai chauffer de façon plus écologique. Le fioul n'est plus actuel.**
- **Comment fonctionne une pompe à chaleur et est-ce que cela pourrait être quelque chose pour moi?**
- **J'aime bien faire mon bois de chauffage. Puis-je combiner le chauffage au bois et l'énergie solaire?**

Quelle que soit la raison pour le remplacement de l'ancienne chaudière, veuillez d'abord vous informer **GRATUITEMENT** à l'**Energieatelier** à **Redange - Info-line 26 62 08 01**.

Nous vous aidons à identifier le meilleur système de chauffage adapté à votre situation.

Il est important de faire le bon choix car cette nouvelle chaudière doit vous chauffer le plus économiquement et le plus écologiquement possible pendant les prochains 15 à 20 ans.

L'état subventionne quasiment toutes les installations qui recourent aux énergies renouvelables. Et parfois même, votre commune y ajoute une prime. Veuillez-en profiter et contactez-nous.




**INFOLINE**
**26 62 08 01**
info@energieatelier.lu

energie atelier

INFO STUFF

infopoint myenergy

Find us on

**ENERGIEATELIER**
**VOTRE POINT INFO POUR TOUTES VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE.**
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
**www.energieatelier.lu**

# Déi perfekt Heizung fir mech...

- Déi al Heizung gëtt de Geescht op an ech brauch eng nei!
- Ech wëll méi ëmweltfrëndlech hëtzen. Masutt war gëschter!
- Wéi funktionéiert eigentlech eng Wäermepompel a kënnt dat fir mech a Fro?
- Ech maache vill Holz. Kann ech eng Holzheizung mat Solarenergie kombinéieren?

Wat och ëmmer de Grond fir den Tosch vun der aktueller Heizung ass, informéiert Iech fir d'éischt **GRATIS zu Réiden** am **Energieatelier - Infoline 26 62 08 01**.

Zesumme mat Iech wëlle mir kucke wat fir eng Heizungstechnik optimal zu Iech an Ärem Haus passt.

Et ass wichteg déi richteg Decisiounen ze huelen, schliisslech soll déi nei Heizung Iech déi nächst 15-20 Joer spuersam a méiglechst ëmweltfrëndlech waarm halen.

De Pappa Staat subventionéiert quasi all Heizungstechnik déi op erneierbar Energien zréckgräift. A jee no Technik kann et och sinn, dass Är Gemeng Iech finanziell ënnert d'Äerm gräift. Profitéiert dovunner an informéiert Iech bei eis.




INFOLINE 26 62 08 01
info@energieatelier.lu

energie atelier

INFO STUFF

infopoint myenergy

**ENERGIEATELIER**
ÄR BERODUNGSPLAZ FIR ALL ÄR ENERGIEFROEN
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
Find us on
www.energieatelier.lu

# Juliette Welter mit 90 noch fit

*Diekirch: Seit dem 12. Oktober dieses Jahres verbringt Juliette Welter ihren Lebensabend der „ maison de soins Sacré Coeur- Elisabeth “ in Diekirch, wo sie neulich ihr **90.** Wiegenfest bei guter Gesundheit auch feiern konnte. Juliette Welter wurde am 18. Juli 1927 als zweitjüngste Tochter von drei Kindern des Ehepaares Nic Welter und Catherine Kirsch in Steinfort geboren. Nach dem Tode ihrer Mutter lebte die Jubilarin bei ihrem Bruder Aloyse in Calmus wo sie weiterhin sehr gut gepflegt wurde. Im Rahmen der Geburtstagsfeier gratulierte Jang Hamen als Erster im Namen des Pflegeheimes ehe Bürgermeister Raoul Clausse in Gegenwart von Schöffe Edmond Gengler, die mit schönen Blumen angereist waren, die Gratulationen aller Einwohner aus der Gemeinde Saeul überbrachte. Bei einem Glas Sekt im Beisein der Familie, wurde auf weitere gesunde und zufriedene Jahre angestoßen. (TEXT/FOTO: CHARLES REISER)*




# Marcel und Liliane Frisch - Muller zum Geburtstag gratuliert


*Calmus: Gleich zwei Geburtstags kinder konnte Bürgermeister Raoul Clausse mit seinem Gemeinderat dieser Tage das cEhepaar Marcel und Liliane Frisch- Muller seitens der Gemeinde Saeul mit Blumen und Geschenken zum **85. bzw. 80**. Geburtstag in der idyllischen Ortschaft Calmus, gratulieren. Marcel Frisch, erblickte das Licht der Welt am 24. September 1932 in Calmus als zweitjüngster Sohn von drei Kindern der Eheleute Jean- Pierre Frisch und Marie Aust. Seine Gattin Liliane Muller kam am 20. September 1937 als drittälteste Tochter der Familie Ernest Muller und Tonia Lentz in Calmus zur Welt. Die Heirat fand am 10. Mai 1961 statt. Aus ihrer Ehe gingen zwei Töchter und zwei Söhne hervor, die die Nachkommenschaft um vier Enkelkinder erweiterten. Marcel und Liliane Frisch- Muller führten den elterlichen Bauernbetrieb in Calmus weiter bis ihr Sohn Romain denselben später übernahm und das Jubelpaar nun bereits seit 1982 in ihrem neuerbauten Haus bei guter Gesundheit gemeinsam seinen Lebensabend verbringt. Auch der Freizeitkalender der beiden Geburtstagskinder war stets gefüllt. Während Marcel Frisch als leidenschaftlicher Jäger, Vorstandsmitglied beim FC Brouch und zugleich das Amt des Vorsitzenden des Kirchenrates bekleidete, war seine Gattin Liliane bei dem Garten- und Heim Sektion in Saeul stets ganz aktiv. Ein Glas Sekt in Gegenwart der Familie erhob die gute Stimmung bei dieser doppelten Geburtstagsfeier. (TEXT/FOTO: CHARLES REISER)*












# Experiment

## De Bakpolver-Loftballon

Mir brauchen :
- Eng kleng eidel Fläsch aus Glas
- Bakpolver
- En Triichter
- Esseg
- E Loftballon

Bild 1 : Mam Triichter fëlle mer di gliesen Fläsch ongeféier hallef voll Esseg - dann dréchne mer e gutt of a fëllen dann d'Bakpolver mam Triichter an de Loftballon.

Bild 2 : Mir verdréinen den Hals vum Ballon , sou dass d'Polver net erausfält an zéien de Ballon dann iwwer den Hals vun der Fläsch.

Bild 3 : Mir léisen déi Verzwirbelung sou dass d'Backpulver an d'Fläsch mam Esseg fält. Sou an elo kënne mer kucken wat geschitt - de Loftballon gëtt opgeblosen

HANNERGRONDINFO :

De Loftballon bléist sech op , well aus dem Esseg an dem Bakpolver e Gas entsteet ( $CO_2$) deen dann de Loftballon opbléist. Backpulver mécht eist Brout a eise Kuch schéi lëfteg well och beim Baken Gas entsteet an doduerch kleng Loftblosen an eisen Deeg kommen.

# Fehlerbild








*Witz :*

*Zwee Schleeke kommen an de Policebüro*
*A mellen do dass se vun 3 Schildkröten iwwerfall gi sinn.*
*De Polizist freet :*
*« Kënnt der eis da vun den 3 Raiber mi eng genee Beschreiwung ginn ? »*
*« Ma nee « seet dunn ee vun de Schleeken*
*« Et ass alles sou séier gaang »*



Raoul CLAUSSE



Valérie BÉGUÉ



Michèle SCHEITLER



Caroline SCHMIT



Joël KIEFFER



Jemp SCHUSTER



Greg FOETZ



Drazen MEDAKOVIC

# Impressum

*Un dësem Gemengebuet hu matgeschafft :*

- Raoul CLAUSSE Valérie BÉGUÉ, Michèle SCHEITLER, Jemp SCHUSTER, Joël KIEFFER
- D'Fotoe si vum Michèle SCHEITLER, Charles REISER, Joé WOLFF, Pascale GRIGNARD. Stéphane OLIVIER
- D'Mise en page ass vum Greg FOETZ, Drazen MEDAKOVIC
- Den Drock gouf am Atelier Repro vun der Associatioun « AUTISME Luxembourg a.s.b.l. » vu Beckerich gemaach.
- Déi franséisch Texter si vum Jemp SCHUSTER iwwersat ginn.
- De Jemp huet och d'Feeler an de lëtzebuergeschen Texter verbessert.

# Numéros utiles

**Aministration Communale de Saeul**

B.P. 11 L-7506 SAEUL
8, rue Principale L-7470 SAEUL
Tél: 23 63 22-1 / Fax : 23 63 94 29 www.saeul.lu

Raoul Clausse, bourgmestre : 691 521 546
E-Mail : bourgmestre@saeul.lu
Edmond Gengler, échevin
Jean Konsbruck, échevin
E-Mail : schefferot@saeul.lu

**Secrétariat**

Joé Wolff, Tél. : 23 63 22-20
Joël Kieffer, Tél. : 23 63 22-21
E-mail : secretariat@saeul.lu

**Population : Martine Ensch**

Tél. : 23 63 22-22
E-mail : population@saeul.lu

**Recette : Stéphanie Labranche**

Tél. : 23 63 22-23
E-Mail : recette@saeul.lu

**Service régie : Laurent Gengler**

Tél. : 691 13 57 90
Du lundi au vendredi de 6:45 à 11:45
et de 13:00 à 16:00

**Service technique bureau : Erica Bucari**

Tél. : 23 63 22 -26
Sur RDV
E-Mail : technique@saeul.lu

**Garde forestier : Thierry Hollerich**

Tél. : 621 20 21 84
E-Mail : thierry.hollerich@anf.etat.lu

**École Saeul**

| | | |
|---|---|---|
| Préscolaire & Précoce: | | Tél. : 266179-13 |
| RDC | C2 : | Tél. : 266179-23 |
| 1e étage | C3 : | Tél. : 266179-24 |
| 2e étage | C4 : | Tél. : 266179-25 |

Fax : 26 61 79 29
www.ecoles-saeul.lu

Maison Relais Saeul

Tél. : 26 61 79-10
GSM : 691 866 930
Fax : 26 61 79 11

**Presbytère de Brouch**

Joël Santer
Tél. : 26 61 04 03

**Ambulance / Pompiers**

Tél. : 112

**Police:**

Tél. : 113
Police de proximité Redange Tél. : 24492 200
Police d'intervention Redange Tél. : 24492 500

**Centre Médical**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 42-1
Fax : 23 62 42-32

**Laboratoires d'Analyses médicales : Ketter Thill**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Prélèvements du lundi au vendredi de 6:30 à 11:00
Tél. : 48 82 88-700
Fax : 48 82 88 -740
Prise de sang à domicile: Tél. : 48 82 88

**Hëllef Doheem**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 94-1
Fax : 26 62 94-209
E-Mail : redange@shd.lu

**Help**

10, rue Principale L-8544 Nagem
Tél. : 26 62 07 08
Fax : 26 62 07 18
E-mail : nagem.croix-rouge@hlp.lu

**Home pour Personnes Agées St.François**

2, rue de l'Hôpital L-8509 Redange/Attert
Tél. : 23 64 3-1
Fax : 23 64 3-701

**Atert Lycée Redange**

1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 32-100
Fax : 26 62 32-299
E-mail : secretariat@alr.lu
www.alr.lu